Offiziell Stellungnam vum FC Minerva Lëntgen zum Ofmellen

vun onser Dammen Entente Ekipp Lëntgen/Biissen I

Den 26 Januar hu mir schwéieren Häerzens missten ons Dammenequipe ofmellen, an hunn op der FLF bescheed gesot dat mir net virun kéinten fueren aus Mangel un Spillerinnen nodeems mir e puer Versammlungen mat hinnen haten. Mir hunn dunn als Info kritt, ons Dammen kéinten esou ewéi Jugendequippen, wann keng Ekipp méi do ass vun engem aneren Veräin iwwerholl ginn mat engem Formular deen déi Zäit nach um Site vun der FLF ze fannen war. Ons Dammen hätten an dem Moment nach bis den 31 Januar Zäit gehat fir en Transfert ze maachen. Well mir alleguer awer elo gemengt dann mat der Iwwernam vun den Spillerinnen géif klappen hunn si sech Zäit gelooss an sinn an verschidden Veräiner probéieren gangen.

Den **12 Februar** huet dunn awer den CA op drängen vun e puer Traineren am Land Decisioun geholl si dierften eréischt am Juni en Transfert maachen. Mir hunn elo nach e puer mol bei der FLF intervenéiert, awer keen Erfolleg. **Dobäi hu mir awer elo fest gestallt dat esou eng Iwwernam awer elo schon op mannst 1 mol gaangen ass. (wie oft nach wëssen mer net).**

FLF huet och elo agestanen dat et hiren Feeler war, an mir warden op en offizielt Schreiwes vun hinnen.

Communiqué un onsen Veräin vun der FLF

- Jene Frauen der Entente Lintgen/Bissen, welche einen Vereinswechsel vornehmen wollen, können dies erst während der Transferperiode Mai/Juni 2018 machen *(Artikel 11 des Règlement sur les membres licenciés, transferts nationaux et transferts internationaux)*
- Die Resultate der Begegnungen der Entente Lintgen/Bissen, welche bereits ausgetragen wurden, bleiben bestehen. Die noch ausstehenden Begegnungen werden alle mit 3-0 für die respektiven Gegner gewertet. (Artikel 22 des *Règlement de jeu*).